ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Bei der Rentrée 2017 – 2018 ass et zu enger Rei vun Enkpäss komm, fir d'Poste vun Enseignantë mat Titulairen ze besetzen. Op där anerer Säit gëtt et eng Rei qualifizéiert Enseignanten, déi op aner Plaze beim Staat schaffen, meeschtens fir den Educatiounsministère a Servicer déi dësem direkt ënnerstallt sinn, awer och op anere Posten am ëffentlechen Déngscht, dëst iwwer d'Prozedur vum Detachement.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir an der Grondschoul ze enseignéieren, sinn net an de Schoule mä am Ministère oder a Servicer, déi vum Ministère ofhänke beschäftegt?*
2) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir an der Grondschoul ze enseignéieren, sinn op aner Posten am ëffentlechen Déngscht detachéiert, a wat sinn dës Posten?*
3) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir am Enseignement Secondaire ze enseignéieren, sinn net an de Schoule mä am Ministère oder a Servicer, déi vum Ministère ofhänke beschäftegt?*
4) *Wéi vill Enseignanten, mat deenen néidege Qualifikatioune fir am Enseignement secondaire ze enseignéieren, sinn op aner Posten am ëffentlechen Déngscht detachéiert, a wat sinn dës Posten?*
5) *Deelt den Här Minister d'Meenung, datt am Interessi vun eise Kanner, qualifizéiert Enseignante prioritär an de Grondschoulen an an de Lycéeë mussen agesat ginn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten